**Robert:**

Jo, mä ...

**Annik:**

Dat fannen ech total spannend. Ech muss hei ëmmer nëmmen iwwer fortgelafe Kazen a Fäll vu Graffiti schreiwen. Mega langweileg. Ee richtege Kriminalfall, dat wier dach mol eppes.

**Robert:**

Leider passéiert bei eis hei am Gringendall ni eppes Besonnesches. Ech mengen, leider fir Iech. Ech sinn eigentlich éischer frou driwwer. A wann eppes geschitt, gëtt et zimmlech séier opgekläert.

**Annik:**

Dat ass jo dann der gudder Policeaarbecht an hirem Chef ze verdanken. Da sollte mir mol een Interview maachen. „Perséinlechkeeten aus dem Gringendall am Interview mam Annik Wietor“. Dat kéim bestëmmt mega gutt un.



**Robert:**

Do sinn ech mega ... äh, ganz ärer Meenung.

**Annik:**

Mä firwat hat Dir eigentlech gemengt, ech wier d'Braut? Dir hutt dach gesot, datt Dir Virbräitche sidd, da misst Dir d'Braut dach kennen!?

**Robert:**

Dat ass esou eng Geschichte fir sech. Villäicht ass et derwäert se néierzeschreiwen.

**Annik:**

Ech lauschteren.

**Robert:**

W.e.g., huelt Iech Plaz. (*si sëtze sech*) Ech erzielen dat awer nëmme kuerz a Stéchwieder, well d'Journalisten hu jo d'Tendenz fir alles ze verdréinen an dobäi ze dichten.

**Annik:**

Pardon?! Dir hutt awer eng schéi Meenung vun der Press.

**Robert:**

Dat ass net meng Meenung, dat ass meng Erfahrung. Also, passt mol op: de Sascha a säi Lena studéieren allen zwee Medezin an hu sech op engem Seminar kenne geléiert. Si hu sech Hals iwwer Kapp anenee verléift a spontan beschloss sech ze bestueden.

**Annik:** (*mécht sech Notizen*)

Wéi romantesch.

**Robert:** (*dréchen*)

Affaire de goût.

**Annik:**

A wéi laang kenne se sech da schonn?

**Robert:**

Zanter sechs Wochen.

**Annik:**

Sechs Wochen?! Sinn déi verréckt?

**Robert:**

Neen, si si verléift.

**Annik:**

Dat kënt bal op dat selwecht eraus.

**Robert:**

Op jiddefall hu si sech iwwerluecht, wëll dat jo zimlech schétzeg iwwert d'Bühn soll goen, der Famill näischt iwwert de Partner ze soen, an ëmgedrënt wëssen d'Braulteit näischt iwwert d'Schwéierleit. Ehm, hunn ech mech elo kloer ausgedréckt?

**Annik:**

Ma sécher. Ech schreiwen dat awer wahrscheinlech a mengen eegene Wieder.

**Robert:**

Dat eenzegt, wat mir wëssen, ass, dat dem Lena seng Mamm gescheet ass a kee Kontakt méi mam Papp huet. Jo, an dem Sascha seng Mamm ass gestuerwen, wéi de Jong nach kleng war. D'Mme Kirsch, d'Haushälterin, dat ass déi Dame déi Iech elo just era gelooss huet, déi huet de Sascha esouzesoe grouss gezillt. D'Mme Kirsch ass scho bal 50 Joer hei am Haus an huet schonn de Georges Berens als Bouf kannt.

**Annik:**

Also quasi liewegen Inventär.

**Robert:**

Schéin, dat Dir „lieweg“ gesot hutt. Tjo, dat ass a Kuerzform déi „Lovestory“ vum Sascha Berens a vum Lena Keng-Anung-wéi-hatt-mam-Familljenumm-heescht.

**Annik:**

Total krass. Do léisst sech eppes maachen. An haut de Moien gi se op der Gemeng bestuet, an de Mëtteg an der Kierch?

**Robert:**

Genau. An der Kierch um Fëschmaart.

**Annik:**

Immens, dat ass mol eppes anesches ewéi déi 08/15-Hochzäiten.

**Robert:**

Solle mir net bis an de Gaart goen? Et ass esou schéint Wieder.

**Annik:**

Gären. Da kënnt Dir mir och nach e bësse aus Ärem beweegte Liewen verzielen. (*Annik a Robert stinn op a ginn a Richtung Terrassendier*)

**Robert:**

Ech? Ee beweegt Liewen? Ech sinn ee Staatsbeamten.

**Annik:**

Ou, an déi beweege sech net?

**Robert:**

Dir sidd frech.

**Annik:**

Stéiert Iech dat?

**Robert:**

Awer honnert Pro. (*laacht*) Neen, ganz am Géigendeel, et gefällt mer.

*De Robert an d'Annik sinn am Gaart verschwonn. De Sascha an d'Lena komme vu riets*

**Sascha:**

Waart. Ech kucken ob keen an der Géigend ass. (*geet séier bei d'Terrassendier, während d'Lena, dat erëm d'Këscht bei sech huet, bei der Dier stoe bleiw.*) Tjëft, do trëppelt de Monni Robert mat enger Fra rondrëmm. A vir ass mäi Papp mam Fleesch beschäftegt.



**Lena:**

An elo?

**Sascha:**

Ech weess et net. (*weist op d'Këscht*) Do ass dach sécher ee ganz bestëmmt Kleedungsstëck drann, hunn ech Recht?

**Lena:**

Wat hunn ech dach fir ee supercleveren, eventuel zukënftige Mann. (*gëtt him eng Beess*) An dat kriss de net ze gesinn ier et esou wäit ass.

**Sascha:**

Da muss de dech eben am Gaaschtzëmmer anescht undoen, dat ass dach egal.

**Christine:** (*am Off*)

Lena?

**Lena:**

Ups, elo muss de awer kuerz verschwannen.

**Sascha:**

Wien ass dat dann?

**Lena:**

Dat ass d'Hiefamm. Wat eng blöd Fro. Géi lo. Ech komme geschwënn zrëck. (*dréckt de Sascha raus, stellt d'Këscht nieft d'Dier, huscht bei d'Terrassendier a lusst viersichteg eraus. Da wénkt et*) Mamma, ech sinn hei.

**Christine:** (*kënnt bei d'Terrassendier*)

So, laang maache meng Nerven dat do awer net méi mat. Firwat dauert dat dann esou laang? Ech schläichen hei duerch de Gaart. Wann mech ee géif gesinn, deen denkt ech giff hei abrieche. Ech sinn hei schonn engem iwwert de Wee gelaf. An do bausse lafen och dauernd Leit rondrëm.

**Lena:**

Ech komme gläich, Mamma. Ech kann hei och de Moment net fort.

**Christine:**

Kënnt dir dëst blöd Verstoppjesspill net einfach si loossen an iech ewéi zwee normal Mënsche bestueden?

**Lena:** (*grinst*)

Villäicht si mir net normal.

**Christine:**

Stëmmt och alt erëm, da géift der iech nämlech mol guer net bestueden. Sou, ech maache mech erëm eraus. Fläiss dech w.e.g..

**Lena:**

Bis gläich, Mamma.

*D'Christine verschwënnt erëm am Gaart. De Sascha kënnt zrëck, geet séier bei d'Lena. Et schellt un der Hausdier*



**Sascha:**

Sou, huerteg elo. De Monni Robert ass vir bei mengem Papp. (*zitt d'Lena mat sech*)

**Lena:**

D' Kleed!

**Sascha:**

Egal, ech huelen et herno. Komm elo.

**Lena:**

Awer net dra kucken.

**Sascha:** (*schonn am Off*)

Wat denks du vu mir?

**Lena:**

Dowéinst soen ech et jo.

**Mme Kirsch:** (*kënnt vu lénks, geet huerteg bei d'Terrassendier a kuckt an de Gaart*)

Dat war déi dach schonn erëm. Ech sinn dach net blöd. (*et schellt erëm*) Jo-hoo!! (*sengt:*)

„was mein Mund nicht sagen kann, sagen Tulpen aus Amsterdam...“ (*rechts of*)

**Georges:** (*kënnt duerch de Gaart eran*)

Sou, d' Fleesch hätte mer, d'Gedrénks ass och do. Dat eenzegt, wat mir elo nach feelt, ass eng Schnauer. (*grinst*) Dee Bouf... (*kuckt rondrëm*) Wou stécht deen eigentlech? Sascha?! Deen ass nach Amstand a vergësst seng eegen Hochzäit.

**Mme Kirsch:** (*kënnt eran*)

Här Berens...

**Georges:**

Mme Kirsch, Dir kommt vun do an Dir hutt keng Blumen? A wéisou Här Berens? Ass eppes geschitt? Brennt d'Fabrik? Ass d'Monarchie opgeléist ginn? (*jovial*) Raus dermat. Haut ka mech näischt méi iwerraschen.

**Mme Kirsch:**

Do sinn zwou Fraen, déi wëlle mat Iech schwätzen.

**Georges:**

Jo an? Wat hätten se gär?

**Mme Kirsch:**

Ech weess et net. Si schéngen Ausländer ze sinn.

**Georges:**

Virwat sot Dir dat esou komesch? Hutt Dir Iech zum Rassist entwéckelt? Dat war ee Witz. Da loosst se eran. Ech hunn net éiweg Zäit.

*D'Mme Kirsch geet a kënnt gläich drop mat zwou Dammen zréck, d'Olga Krimskowja an hier Duechter Elena. Déi zwee sinn einfach awer propper gekleed, gesinn e bëssen aarm aus.*

*Während d'Olga zimmlech sec ass, verhält d'Elena sech méi schei*

**Mme Kirsch:**

W.e.g., dat ass den Här Berens. Här Berens, Dir wësst wou Dir mech fannt. (*geet lénks of*)



**Georges:**

Bonjour dir Dammen. Wat kann ech fir Iech maachen? Entschëlleg, mä ech hunn net vill Zäit, ech ...

**Olga:** *(haart zum Elena)*

Ass dat en?

**Elena:** *(rëselt de Kapp, kuckt an de Buedem)*

**Olga:**

Wéi kanns du wëssen, wann net kuck? *(hieft dem Elena säi Kapp héich an dréint en a Richtung Georges)* Elena, dat hien?

*Elena rëselt erëm de Kapp*

**Georges:**

Entschëllegt, kéint Dir mir mol villäicht erklären ...

**Olga:**

Pardon. Ech sinn Olga Krimskowja, dat meng Duechter Elena ass. Dir Sascha Berens sidd?

**Georges:**

Nee, ech sinn de Georges Berens. Ech sinn dem Sascha säi Papp, jo, mä ...

**Olga:**

Mir hei Bëschstrooss 37A?

**Georges:** *(gëtt onsécher)*

Net direkt. Also, dat hei ass d'Nummer 37. D'Bëschstrooss 37A ass do hannendrun... *(weist a Richtung Gaart)*

**Olga:**

A wou Sascha ass?

**Georges:**

Jo dee misst hei éierens rondrëm lafen. Wäit kann hien net sinn. Schliisslech gëtt hien haut bestuet an ...

**Olga:**

Hie bestuet gëtt haut?!

*D'Mamm an d'Duechter bekucke sech. Ee Moment kënnst ee kuerzt Grinsen op hiere Mond dat awer erëm direkt verschwënnt*

**Georges:**

Jo, hie bestit sech haut an ... Ah sou jo! Ech Idiot! Entschëllegt w.e.g.. Wéi sot Dir, heescht är Duechter?

**Olga:**

Elena.

**Georges:**

Ah jo, Elena. Lena. Ech verstinn. Also wëllt Dir d'Geheimnis awer nach virun der Hochzäit lëften.



**Olga:**

Ech verstinn net.

**Georges:**

Et ass an der Rei. Ech fannen déi Heemlegkeeten esou eppes vun idiotesch. Schliisslech sinn et erwuesse Leit.

**Olga:**

Wat soll heeschen?

**Georges:**

Dat soll heeschen, datt ech frou sinn, meng zukünfteg Schnauer elo awer nach virun der Hochzäit kennen ze léieren. A si ka sech jo och duerchaus weise loossen. Ähm, Dir sidd net vun hei?

**Olga:**

Neen, mir kommen aus Sisowje, ass ee klengen Duerf an der Ukrain. Leit do si ganz aarm. Duerfir d'Elena ass komm op Däitschland, schaffen. Hat ass ganz glécklech, kenne geléiert hu Sascha.

**Georges:**

A sou ... mä, eigentlech weess ech guer näischt iwwert Iech an Är Duechter. De Sascha huet jo ni eppes verzielt. Nëmmen de Numm huet hien e puer mol ernimmt. Also ech mengen dee vum Lena.

**Olga:**

Elena. Meng Duechter heescht Elena.

**Georges:**

Jo, natierlech. De Sascha schwätzt awer ëmmer vum Lena.

**Olga:**

Äre Jong dacks schwätzt vu menge Meedchen?

**Georges:**

Praktesch nëmmen nach. Si ass jo säin Eent an Alles. Lena hei, Lena do.

**Olga:** *(mat Nodrock)*

Elena.

**Georges:**

Jo, selbstverständlech. Wunnt Dir eigentlech hei an der Géigend?

**Olga:**

Neen! Elena wunnt méi wäit ewech. An ech kommen extra aus meng Heemecht, fir kuck dat et weider geet. Äre Jong spille mat menge Duechter, oder?

**Georges:**

Ech verstinn net richtig, wat mengt Dir?

**Olga:**

Äre Jong net wierklech wëllt bestueden Elena.





**Georges:**

Ma dach, selbstverständlech. Ech duecht, dowéinst wier Dir hei. Wéi gesot, hie schwätzt vu soss näischt anescht. An Dir hutt hie jo och gäer, geldiert?

**Elena:** (*zéckt*)

Hie ganz léif, dat éischte kéier. Huet direkt gesot, wëll mech bestueden. Huett mir esou guer gi schréftlech.

**Georges:**

O mei, da war hie jo richtig presséiert.

**Elena:**

Jo, an dunn ni méi eppes gehéiert.

**Georges:**

Wéi? Dat verstinn ech net. Dir hutt ni méi eppes vun him héieren?

**Elena:** (*kräisch bal*)

Neen. Dobei geklong esou éierlech. Huet gesot, wëlle mech bestueden an hëllef menge Papp. Dee vill krank doheim.

**Olga:**

Jo, awer ech direkt gesot, lëtzebuenger Mann nëmme wëll sech amuséieren. An dobei mir hu schréftlech, dat hie wëll bestueden menge Elena.

**Georges:** (*ëmmer méi duercherneen*)

Jo, jo, dat hutt Dir scho gesot, ech versti just nach ëmmer net ...

**Olga:**

Duerfir ech mir gesot, elo ech kommen op Lëtzebuerg. Loosse kranke, schwéierkranke Mann bei meng Brudder Iwan. Maache laang Rees, fir ze kucken, wat ass lass an hält Sascha säi Versprechen.

**Georges:**

Jo mä, hie bestit sech dach herno ... (*kuckt op d'Auer*) An ongeféier 2 1/2 Stonnen. O mei, schonn esou spéit. Mir mussen eis elo wierklech fläissen. Dir sidd jo och nach guer net anescht ugedoen.

**Olga:**

Ugedoe wuerfir?

**Georges:** (*verzweiwelt, gestikuléiert a weist op d'Elena*)

Ma, fir d'Hochzäit! Woufir da soss?!

**Sascha:** (*kënnst zu der Terrassendier a geet direkt op d'Kartongskëscht duer*)

Gudde Moien.

**Georges:**

Komm, Fiston, et ass gutt. D'Geheimnis ass geléift.

**Sascha:**

Watfir ee Geheimnis?



**Georges:**

O nu fänk du net och nach un. Ech komme mir hei scho fir wéi bei der „versteckten Kamera“.

**Sascha:** (*laacht*)

Ma Papp, bleiw cool. Wat ass da lass?

**Georges:**

Sascha, w.e.g.! Maach mer ee Gefalen an ...

**Olga:** (*zum Elena*)

Ass dat hien?

**Elena:** (*grinst séileg*)

Jo, dat hien ass.

**Georges:**

Ma also.

**Sascha:** (*zum Elena*)

Dir kommt mir iergendwéi bekannt vir. Hu mir eis scho mol gesinn?

**Georges:** (*spréngt op, leeft duerch d'Zëmmer, ass kuerz virum Häerzinfarkt*)

Sascha, nonndikass nach emol, hal elo endlech op! Dat ass net méi lëschtég! Ech weess datt dat d'Lena ass ...

**Olga:**

Elena!

**Georges:** (*birelt*)

Jo, nondikass nach emol, vu mir aus och E-le-na!! Ech weess, datt dat déi Fra ass, déi s du elo geschwë bestuede wäers, datt dat seng Mamm ass, also deng Schwéi ...

**Sascha:** (*birelt och*)

Papp! Wat ass lass mat dir? Hues du een Hochzäitskoller oder wat? Wat hues du mat dese Fraen? Ech kenne se net, ech kenne kee vun deenen zwee. Ech hunn déi nach ni gesinn, obwuel ... (*gëtt méi roueg a bekuckt d'Elena*) ... obwuel déi mir iergendwéi bekannt virkënnt.

**Olga:**

Soll och bekannt virkommen, wann Dir menge Duechter hutt versprach ze bestueden.

**Sascha:**

Hä ...?

**Olga:**

Schrëftlech! (*hëllt ee Blat Pabeier aus der Posch*) W.e.g.. Ass Är Handschrëft? Ass Är ënnerschrëft?

**Sascha:** (*hëlt lues d'Blat an iwverflitt et*)

Jo, dat ass meng Handschrëft. An dat ass och meng ënnerschrëft, mä ech verstinn net ...

**Georges:** (*rappt him d'Blat aus dem Grapp*)

Weis mol hei. (*hie liest, sëtzt sech lues*) O mei, deen Dag hei iwverliwen ech net.

**Rido**

## 2. Akt

*Direkt duerno. De Georges liest vum Blat*

**Georges:**

„Ech, Sascha Berens, gebuer den ...“ (*grommelt den Datum an d'Adress*) „verspriechechen a soe feierlech zou, d'Elena Krimskowja, gebuer den ...“ (*erëm Gegrommels*) „... bannent sechs Wochen ze bestueden. Ech hu mech onstierwlech an hatt verléift an wëll him duerch d'Bestietness och erméiglechen, op Dauer zu Lëtzebuerg kënnen ze bleiwen a schaffen ze goen, fir dat hatt mat deene verdéngte Sue säi schwéier kranke Papp kann ennerstetzen. Baden-Baden, den ...“ (*grommelt den Datum*) Sou, an elo nach eng kéier lues fir Dommer a fir matzeschreiwen: Déi jonk Dame hei ass net d'Lena, dat heescht, net déi Dame, déi s du haut de Moie wëlles has ze bestueden. Ass dat esou richtig?

**Sascha:**

Jo, ech hätt et och net kéinte besser formuléieren.

**Georges:**

Wat dech awer net dovun ofgehalen huet, nach engem anere Framënsch d'Bestietness ze verspriechechen. Ass dat och richtig?

**Sascha:**

Jo, et gesäit esou aus, awer ...

**Georges:** (*sec*)

So mol, hues du se nach all?!

**Sascha:**

Papp, ech wess dat kléngt blöd, mä ech ka mech guer net méi drun erënneren.

**Georges:**

Du hues Recht, dat kléngt blöd. Well et blöd ass. Well esou eppes nëmmen ee ka maachen deen als Kand ze waarm gebued ginn ass. Awer ech ka mech beim beschte Wëllen net drun erënneren, dass du ...

**Sascha:**

Villäicht war ech voll.

**Olga:**

Voll? Wëlle soen, kënnen d'Elena nëmme gär hunn, wann Dir sidd voll? Ass Meedchen esou ellen?

**Sascha:**

Neen, neen, esou hunn ech dat net gemengt, ech ...

**Elena:**

Hie war vill léif mat mir deen Owend. Huet mir ëmmer gemaach Komplimenter. Sinn di schéinste Fra vu Welt an esou Saachen. An elo näischt méi wëlle wëssen vu mir. Hätt ech mir kënnen denken, d'Männer wëllen all nëmmen dat engt ... (*schluckst*)

**Georges:**

An, huet en? Dat engt, mengen ech.



**Elena:**

Neen, net mol dat! (*schluckst méi haart*)

**Georges:** (*gëtt ëmmer méi sarkastesch*)

Immens! An elo? Villäicht kanns de dech mol entscheiden, wien dat s de dann elo wëlls bestueden. Dir leeft nämlech e bëssen d'Zäit dervun. An ee Bigamist a menger Famill kann ech mir a menger Positioun net leeschten. „versprechen a soe feierlech zou...“ Mir sinn dach net méi am Mëttelalter.

**Sascha:**

Wou ... wou hu mir eis da kenne geléiert? Entschëllegt, mä ech si mir dat alles guer net méi bewosst.

**Georges:**

Komm elo net mat faulen Ausrieden!

**Sascha:**

Soll dat heeschen, du gleefs mir net?

**Georges:**

Wann ech Dir giff gleewen, dat giff jo dann heeschen, dat ech deenen zwee do net géif gleewen. A wat sollten déi zwou Dammen wuel fir ee Grond hunn, hei mat esou engem Wësch opzekeräitzen? Datt dat deng Handschrëft ass, wëlls de jo net ofstreiden. Dat Gekritzel erkennen ech dach op honnert Meter. Datt si dat iwwerhaupt entziffere konnten. Dat Geschmiers passt esou richtig bei een zukünftege Medeziner.

**Elena:**

Ass awer romantesch, net wouer?

**Georges:**

Décke Brach ass dat. Wéini war dat? Viru sechs Wochen? Jo ech duecht dunn häss Du dat Lena kenne geléiert? Asou jo, du hues wahrscheinlech jiddwer Meedchen, dat der zu Baden-Baden iwwert de Wee gelaf ass, direkt d'Hochzäit versprach, iergend eent wäert schonn esou blöd sinn an drop erafalen. Op wéivill Kandidatinne kënne mer eis haut dann nach freeën?

**Sascha:**

Papp, kënne mir mol seriö doriwwer schwätzen?

**Georges:**

Wéi kann een iwwert eppes Onseriöes seriö schwätzen? Däi Lena ass dach bestëmmt schonn hei iergendwou an der Géigend, stëmmt et?

**Sascha:**

Jo.

**Georges:**

Gesäis de, da bréng et mol hei hinn an da frees de, wat hatt dozou mengt. (*hält d'Blat an d'Luucht*) Huet hatt och esou ee Schreiwes vun Dir? Ginn déi villäicht scho bei Ebay gehandelt? (*gëtt dem Olga d'Blat erëm*)

**Sascha:**

Neen, natierlech net.



**Georges:**

Natierlech ass bei Dir guer näischt.

**Olga:**

Moment w.e.g., hunn ech richteg verstan, de Sascha haut bestit eng aner Fra, obwuel hie ginn huet Versproochen ze bestueden meng Elena? Ass esou Usus hei a Lëtzebuerg? Bei eis doheem, mir hunn nach Eier. Do géllt nach Wuert vun engem Mann! A besonnesch wa geschriwwen.

**Sascha:**

Jo, dat deet mir jo och Leed...

**Georges:**

Ha! Et deet him Leed. Ewéi wann et domat gedoe wier. Immens, super, a wéi komme mir elo aus där Nummer erëm raus? Mir kann et am Fong geholl jo egal sinn. Du bass een erwuessene Mënsch. Déi Illusioun hat ech jiddefalls nach bis virun e puer Minutten.

**Sascha:** (*iwwerleet*)

Dat war an deem Hotel, ass et sou?

**Elena:**

Jo, ech hat gebrach mäi Schung, wéi seet een...

**Sascha:**

Dat stëmmt, Dir hat den Talléck vum Schung verluer. Dir sidd emgeknéckst a praktesch a meng Äerm gefall.

**Elena:**

Jo, war schéin. Gutt staark Äerm. Dunn ech gefrot, ob ech ka maachen eppes gutt an agelueden fir ee Glas Wäin.

**Sascha:** (*zéckt*)

Jo, ech mengen doru kann ech mech nach erënneren...

**Georges:**

Ee Gediechtnes ewéi een Elefant.

**Sascha:**

An ... hat ech vill gedronk?

**Elena:**

Neen, guer net. Hues gesot, du nächsten Dag muss hu kloere Kapp. Mir vill gelaacht, du ëmmer gesot, wéi schéin ech sin.

**Sascha:** (*lues zum Georges*)

Da war ech awer voll.

**Elena:**

Ech hunn dunn vun Heemecht erzielt, vu krankem Papp. Datt ech zu Däitschland schaffen, fir ze verdinge Suen, wat ech schécken an d'Ukrain fir Operatioun. An Du beemol sooss: Elena, du wonnerbar, ech bestueden dech, dann du kanns bleiwen. Du wollts, dat Papp erëm gött gesond. Du gesot hues: Ech nëmmen nach hu Papp. Ass dat Wäertvollst wat gött op Welt.



**Georges:** *(lues zum Sascha)*

Okay, du wars déck voll.

**Olga:**

An elo näischt méi wëlle wëssen dovun. Typesch Mann. Komm, Elena, mir ginn, mir wëllen net maache peinlech Situatioun op seng Hochzäitsdag. *(knaschteg)* Um schéinsten Dag vu Liewen fir ee Mënsch. Ha! *(steet op)*

**Georges:**

Nee nee nee, nu bleiwt mol roueg sëtzen. Esou einfach kënnst du mir net dervun, mäi Jong.

**Sascha:**

Mä ech ka mech u näischt erënneren. Ee Rass am Film.

**Georges:**

Ee Rass am Film! Wonnerprächtig! Déi eelst a blödest Ausried vun der Welt! Dir Dammen ...

**Olga:**

Loosst et, ass léif vun Iech, mä mir net wëllen ... Skandal. Natierlech mir könnte goe bei d'Press, wéi hei am Land behandelt gëtt aarmt Meedchen aus Ukrain ...

**Annik:** *(ass bei de leschte Wieder duerch d'Terrassendier era komm)*

D'Press? Wat wëllt Dir der Press melden? Daarf ech mech virstellen, Annik Wietor vum „Minetts-Blat“. Kann ech Iech behëllefleg sinn? Sidd Dir ongerecht behandelt ginn? D'„Minetts-Blat“ ass fir seng seriö Reportagë bekannt.

**Georges:** *(spëttesch)*

Ha?! Wierklech? Hutt dir dann de Chefredakter gewiesselt?

**Olga:** *(weist d'Blat)*

Hei, Dir kënnst liesen, awer net bréngen an Zeitung. Mir wëllen net schueden Här Berens. Ass bestëmmt vill populär?

**Annik:**

Dat kënnst Dir haart soen. Hien huet wéivill Metzlereien uerchert d'Land, eng grouss Fleischfabrik, gëtt ville Leit eng Aarbechtsplaz a sëtzt och nach an der Chamber. Dat heescht no baussen hin haaptsächlech Politiker.

*D'Olga an d'Elena wiesselen ee Bléck*

**Georges:**

Genee esou ass et, an duerfir bleiwt dat alles och schéin ënnert eis, a gëtt net an Ärer Skandalzeitung publizéiert.

**Annik:** *(liest)*

Ups!

**Georges:** *(hie krypt sech d'Blat, dat d'Annik mëttlerweil gelies huet, an aaft him no)*

Jo, ups! An dat wäert och Ären eenzege Kommentär bei dëser Affär bleiwen.

**Annik:** *(zum Sascha)*

Dir sidd mir jo ee schéine Casanova. Verschéckt Dir esou eppes als Kettebréif?

**Georges:**

Är blöd Kommentarë kënt der Iech spueren. Sou, mä léiwe Bouf, an elo gëtt mol Tacheles geschwat. Dir Dammen, mir ass déi ganz Geschicht eminent peinlech, dat däerft der mer gleewen. Ech géif iech bidden een Ablack an eisem Gaaschtzëmmer ze waarden. (*riff*) Mme Kirsch! (*zum Sascha*) Sou, Kolleg, an elo féiere mir mol ee Gespréich ënner Männer.

**Mme Kirsch:** (*vu lénks*)

Här Berens, Dir hutt gebrëllt?

**Georges:**

Mme Kirsch, féiert d'Herrschaft... d'Dammen w.e.g. an d'Gaaschtzëmmer a suergt derfir, dat et hinnen u näischt feelt.

**Mme Kirsch:** (*ironesch*)

Aha.

**Georges:**

Jo, nix „aha“. Déi ganz Affär ass e wéineg ... ehmm ... e wéineg delikat. Also, w.e.g..

**Mme Kirsch:**

Wann der mir wëllt w.e.g. nokommen dir Dammen. A jo, Här Berens, do war virdu schonn erëm déi Fra. Dës kéier am Gaart. Dir wësst jo ...

**Georges:**

Jo Merci, mä dat ass den Ament wierklech dee klengste Problem.

**Mme Kirsch:**

Wéi Dir mengt. Ech kann net beuertelen, wéi grouss dee Problem hei ass.

**Georges:**

Zimmlech grouss, meng léif Mme Kirsch, wierklech ausseruerdentlech grouss, dat kënt Dir mer gleewen.

**Olga:**

Ass ganz fein vun Iech, wierklech. An deet mer Leed, dat mir Iech maachen esou vill Duercherneen. Wann Dir wëllen, mir komme mar erëm ...

**Georges:**

Mar? Mar wier et wahrscheinlech schonn ze spéit, geldiert? (*lacht blöd a gekënschtelt*)

**Olga:**

Jo? Ah jo, jo, natierlech. (*lacht esou ewéi de Georges*) Dir sidd esou gudde Mënsch. Merci, dat Dir hutt Zäit fir Ouer vun aarme Leit.

**Sascha:**

An dobäi kritt hien als Politiker vun deenen mol keng eenzeg Stëmm.

*De Georges otemt déif duerch a schléckt eng Bemierkung erof. D'Mme Kirsch begleet d'Olga an d'Elena no rechts eraus. Si si just fort da kënt de Robert aus dem Gaart eran*

**Georges:**

Robert, du kënnst mir genau richtig. Hei, lies dat hei a so mer watt s de dovun hält. Virun allem an enger „moralescher Perspektiv“. Een Ausdrock, deen eng bestëmmte Persoun (*bekuckt de Sascha*) hei am Raum friem dierft sinn. (*dréckt dem Robert d'Blat an de Grapp*)  
A wann s de vun do uewen elo geschwë Kreesch a Kaméidi héiers da maach der näischt draus, et ass alles an der Rei.

**Sascha:**

Ma Papp, ech géif dech dach ni schloen.

**Georges:** (*sec*)

Komm elo. (*geet mam Sascha no uewen*)

**Annik:**

An? Wat haalt Dir vun där Saach?

**Robert:**

Nujee, eng Fra an der Reserv ka jo mol ni schueden.

**Annik:** (*rosen*)

Ass dat Ären eenzege Kommentar? Dat kann dach net sinn! Wéi kann hien deem aarme Meedchen dat undoen? Dir hutt hatt jo net gesinn. Awer ech! Wéi dat do soutz. Verleeën, modest, villäicht net onbedéngt eng Beautée. Mä kënn et dorops un am Liewen? D'Schëinheet vergeet. Doriwwer géif ech gäre schreiwen.

**Robert:**

Iwwert d'Schëinheet?

**Annik:**

Quatsch! Iwwert dat wat hei passéiert. A wann sech dat aarmt Meedchen elo eppes undeet? Oder d'Mamm? Oder allebéid?!

**Robert:**

Dann hätt Dir nach méi ze schreiwen.

**Annik:** (*rosen*)

Sot mol, watt denkt Dir vu mir? Deet Iech dat Meedchen guer net Leed?

**Robert:**

Dach natierlech. Mä dat Ganzt kléngt mer guer net no Sascha, dat ass net seng Manéier. Ech kennen hie vu klengem un. De Sascha geet dach net hin a versprécht enger Fra, mir näischt dir näischt, se ze bestueden.

**Annik:**

A firwat net? Ech menge ganz, bei senger Zukünftiger war et genau d'selwecht. Dat schéngt esou ee Genre Hobby vun him ze sinn.

**Robert:**

Nu maacht awer emol eng Paus. Dir kennt hien dach emol guer net richtig.

**Annik:**

Ech si Journalistin.





**Robert:**

Ech hat gemengt, Dir wäert am Stage.

**Annik:**

Da gesitt der, datt ech scho vill geléiert hunn.

**Robert:**

Dat sot Dir! An déi zwee waren hei?

**Annik:**

Jo, déi si just eraus gaang, wéi Dir era komm sidd. Ech hunn zwar och nëmmen de Schluss vum Gespréich matkritt, mä ech huelen un, datt der Mamm an der Duechter gesot gouf, datt de Junior haut géif een anert bestueden.

**Mme Kirsch:** (*kënnst zréck*)

Haut ass awer och eppes lass. Ah gutt datt ech Iech gesinn, Här Inspekter. Déi Fra war schonn erëm do.

**Robert:**

Wat fir eng ... asou, déi. Hei am Haus?

**Mme Kirsch:**

Neen, ech hu se duerch d'Kichefënster am Gaart gesinn.

**Robert:**

War et eng vun deenen zwou Fraen elo éinescht?

**Mme Kirsch:**

Neen, déi hätt ech dach erkannt.

**Robert:**

Tjo, wann de Georges absolut net wëllt, datt ech eppes ënnerhuelen ... Et wier kee Problem fir mech fir een Agent anzesetzen.

**Mme Kirsch:**

Wie sinn déi zwee Fraleit iwverhaapt?

**Annik:**

Dat kann ech Iech gär verzielen.

**Mme Kirsch:**

Jo, awer w.e.g. an der Kichen, ech hu schliisslech nach eppes ze dinn. Ech sinn am Gaang eng Bowle ze preparéieren. Geheimrezept!

**Annik:**

Hmmm, kléngt gutt. An Dir verzielt mer, wat et mat där Fra am Gaart op sech huet. Villäicht spréngt jo awer nach eng gutt Story dobäi eraus. Dat wier jo total krass. (*geet mat der Mme Kirsch lénks of*)

**Robert:** (*liest*)

„versprechen a soe feierlech zou...“ Tz tz tz... (*säi Bléck fält op d'Kartongskëscht. Hien hieft den Deckel op a kuckt dran*) „Aha. Ech blécken duerch! D'Verbriecherin ass hei an der Géigend“. (*dréint sech ëm a liest nach eng kéier*) „...versprechen a soe feierlech zou...“ Zanter wéini bass du esou ee Romantiker, mäi Jong? (*geet lues an de Gaart*)



*D'Elena kënnt eran a stéisst géint d'Kartongskëscht. Hat mécht se op an kuckt dran. Mat engem Keimen bekuckt et d'Brautkleed, hält et eraus an hält et widdert sech. Deen Ament kënnt de Robert zréck*

*Wichtig ass an dëser Szeen, dat d'Elena ni méi ewéi ee Wuert ze soe kritt, fir dat de Robert hiren Akzent net bemierkt an esou guer net op d'Iddi kënnt, et kéint eng „falsch“ Braut sinn. Dem Elena geléngt et och net, well de Robert wéi ee Waasserfall schwätzt*

**Robert:** *(iwwerrascht)*

Ooohh!!

**Elena:**

Oh! Ech ...

**Robert:**

Kee Problem, dat geet an d'Rei. Hei ass vläit net déi richtig Plaz fir unzemoossen. Et freet mech awer, datt ech Iech elo awer nach virun der Hochzäit kenne léieren. Obwuel Dir dat jo net wollt. Et deet mer Leed, mä wann Dir hei an aller Öffentlechkeet eng Modeschau organiséiert. *(laacht häerzhaft)* Mä keng Suerg, ech soe kengem et. An ech spillen haut jo nëmmen eng kleng Nieweroll, wann ech dat esou ka soen. Daarf ech mech virstellen: Robert Gengler, Policeinspekter. *(streckt d'Hand aus a geet op d'Elena duer)*

**Elena:** *(dréckt sech géint d'Mauer)*

Poli... Poli...

**Robert:**

Ech sinn haut awer net am Déngscht. Ech sinn dem Sascha säi Pätter an ech beginn haut ee grousst Verbriechen, wou Dir och musst mat dru gleewen. *(hie freet sech wéi ee Schnéikinnék iwwert säin – wéi hie mengt – originelle Saz)*

**Elena:** *(erféiert)*

Wat?

**Robert:**

Entschëllegt w.e.g. ech wollt Iech net erféieren. Et war nëmme Spaass. Ech si Brautzeien. An dat Verbriechen, fir dat ech mech haut schëlleg maachen, ass, mäi Seege fir Är Hochzäit ze ginn, souzesoen. Gutt datt et déi Dot nach net am Strofgesetzbuch gött. *(laacht erëm)*

**Elena:** *(onsécher)*

Jo ...

**Robert:**

Ech hat hei virdu schonn iertëmlecherweis, een anert fir d'Braut gehal. Dat war mir richtig penibel. Dofir freeën ech mech emsou méi, datt ech elo endlech déi richtig ze pake kréien. Zweemol wäert ech mech jo sécher net ieren, wéi? Sou, Dir sidd also d'Lena.

**Elena:**

E...

**Robert:** *(bemustert d'Elena)*

Dach dach, net ganz villäicht, awer dach, firwat net. Sot mol, ditt der dat och u fir op d'Gemeng?



**Elena:**

Ech...

**Robert:**

Jo? Géift der mir da wuel déi kleng Freed maachen and d'Kleed eng kéier uprobéieren?  
W.e.g. maacht dat. Ech si jo nëmme Brautzeien. Ech daarf déi Klamotten also scho virdu  
gesinn.

**Elena:** (*ass ganz onsécher*)

Ech ...

**Robert:**

Awer net hei, gell? Gitt am beschten an d'Gaaschtzëmmer, do stéiert Iech keen. A wann der et  
bis unhutt, sot der mer Bescheid. Da soen ech Iech ewéi et Iech steet. An ech wetten et geet  
Iech ganz gutt.

**Elena:**

Jo mä ...

**Robert:**

Net widdersprieche, dee Wonsch däerft Dir mir net ofschloen. Mä fläisst Iech w.e.g.. (*mécht  
de Spunnes*) Soss bestit de Sascha awer nach dat anert. Oh pardon, ech wëll soen, dat... dat  
huet näischt ... ehm, ech mengen ... da maacht mol viru jo? (*dréckt dat verwonnert Elena  
mam Kleed aus der Dier rechts*) Den Dag fänkt u mer ze gefalen.

**Christine:** (*aus dem Gaart*)

Dat Verstopppill fänkt u mer esou lues op d'Nerven ze goen. (*gesäit de Robert*) Ou, wie sidd  
Dir dann?

**Robert:**

Gengler. Robert Gengler. A mat wem hunn ech d'Éier?

**Christine:**

Christine Lippert. Ech sinn d'Mamm.

**Robert:**

D'Mamm? Komesch. Ass Äre Mann Ausländer?

**Christine:**

Ausländer? Een Topert war et, wann der et wëllt wëssen. Huet eis no der Gebuert sätze  
gelooss.

**Robert:**

Oh, entschëllegt, ech wollt net ... ech duecht nëmme, wéinst dem Numm. A sou, Är  
Duechter huet de Numm vum Papp ugeholl, geldiert?

**Christine:**

Wat fir eng Fro. Wiem säin da soss? Dee vun der Coiffeuse villäicht?

**Robert:** (*laacht blöd*)

Neen, neen, natierlech net. Ech hat just gemengt, well Dir ...

**Christine:**

Well ech wat?



**Robert:**

O näischt, et ass scho gutt. Et ass souwisou scho komplizéiert genuch.

**Christine:**

Dat kënnt der haart soen. Wat sech d'Kanner dobäi geduecht hunn ...

**Robert:**

D'Kanner, jo ... Hm, dat heescht ... Dir sidd also d'Mamm.

**Christine:** (*bekuckt de Robert skeptesch, liicht gereizt*)

D'Mamm, jo. Wie soss? De Bopa villäicht?

**Robert:**

D'Mamm jo. *Déi* Mamm. (*mécht eng kuerz Bewegung mam Blat, wat hie nach am Grapp huet*) Hm, tjo, dat ass jo wuel eng verzwéckte Geschicht.

**Christine:**

Dat kann een esou soen. Dat hunn ech och nach ni erliewt. (*laacht*) Nujee, et ass meng eenzeg Duechter, an esou dacks huet hatt sech jo och nach net bestuet.

**Robert:** (*laacht gezwonge mat*)

Jo esou wäert dat wuel sinn. Hmm ... a wat maache mir elo?

**Christine:**

Elo, wou ech nun emol do sinn, wäert ech och net méi goen.

**Robert:**

Phh, jo ... nujee, esou einfach ass déi Saach nun awer erëm net.

**Christine:**

Wéisou?

**Robert:** (*geet mam Christine bei de Canapé a si sëtze sech*)

Kuckt mol, déi ganz Affair ass jo awer e bëssen, wéi soll ech soen ... pikant.

**Christine:**

Kannerech ass dat, einfach nëmme kannerech.

**Robert:**

Do kann ech Iech net Recht ginn. Pikant ass wahrscheinlech éischer richtig.

**Christine:**

Dat verstinn ech elo net.

**Robert:**

Einfach esou hei hinner kommen a soen: Hei sinn ech, bestuet mech ewéi versprach. Ech bieten Iech, esou einfach geet dat jo awer net.

**Christine:**

Bestëmmt net. Déi wäerten jo sächer dat Ganzt virdrun organiséiert hunn.

**Robert:**

Esou wäit ech dat matkrut, éischer net. A do hu mer schonn deen éische Problem.



**Christine:**

Ech verstinn ëmmer manner.

**Robert:**

Kuckt, bis virun en etlech Joer, huet esou ee Versprieche fir sech ze bestueden, nach viru Geriicht gegollt.

**Christine:**

Aha.

**Robert:**

Ech kenne mech do e bëssen aus, ech si bei der Police ...

**Christine:**

Sidd Dir Polizist? Sou richtig mat Uniform? Op der Kräitzung, fir de Grand-Duc als éischte laanscht ze loossen?

**Robert:**

Neen, net direkt. Ech sinn... ech sinn Inspekter.

**Christine:**

Inspekter? Hey, da sidd Dir jo eng richtig gutt Partie. (*laacht*)

**Robert:**

Merci. Mä Är Duechter ass dat ouni Zweifel och, mä ...

**Christine:**

Mä?

**Robert:**

Majo ... de Sascha ka se jo schliisslech net allen zwee bestueden.

**Christine:**

Allen zwee? Wéisou allen zwee?

**Robert:**

Och wann hien Ärer Duechter d'Bestietness schréftlech versprach huet, déi ganz Zeremonie huet hie jo awer zesummen mat deem anere Meedchen organiséiert.

**Christine:**

Wat gelift?

**Robert:**

Do hutt Dir Iech jo awer dee richtigen Zäitpunkt erausgesicht. Kommt einfach esou hei era geschneit...

**Christine:**

Wat heescht dann hei era geschneit? Dat war dach een Deel vum Plang.

**Robert:**

Plang?



**Christine:**

Ech mengen déi ganz mysteriéis Geschichte. Jo a wat heescht dat elo? Bestit de Sascha elo awer net meng ...

**Robert:**

Selbstverständlech net. Mir sinn dach net am Orient. Obwuel Är Duechter nach laang net esou onappetitlech ausgesäit, wéi se mir beschriwwe gouf.

**Christine:** (*bekuckt hie skeptesch*)

Dir hutt eng komesch Art a Weis, Komplimenter ze verdeelen. Jo weess meng Duechter dat da schonn?

**Robert:**

Sowäit ech dat matkritt hunn, ass scho probéiert ginn hir dat bäizebréngen. Dir wësst also näischt dervun?

**Christine:**

Et ass dat Éischt wat ech héieren.

**Robert:**

Komesch. Nujee, wéi och ëmmer, d'Situatioun ass zimlech delikat, dat musst der zouginn. Woussst Dir eigentlech, datt de Sascha haut bestuet gëtt oder sidd Dir just zoufälleg hei?

**Christine:** (*bekuckt de Robert eng Weilche ganz kritesch*)

Iech geet et jo awer gutt, oder?

**Robert:**

Mir geet et beschdens. Firwar frot Dir?

**Christine:**

Natierlech weess ech, dat de Sascha haut bestuet gëtt. Mat menger Duechter. Dovu sinn ech op jidde Fall nach bis virun e kuerzem ausgang.

**Robert:**

Tjo, esou séier kann et goen.

**Christine:**

Waren duerfir déi Heemlechkeeten? Jo mä, dat mécht dach alles kee Sënn ...

**Möchten Sie wissen, wie das Stück weitergeht?**

**Gerne senden wir Ihnen unverbindlich ein vollständiges Ansichtsexemplar.**

**Die Ansichtsexemplare können Sie über unsere Internetseite [www.plausus.de/bestellung](http://www.plausus.de/bestellung) oder per Post, Fax oder E-Mail anfordern.**

**Die Zusendung per E-Mail erfolgt kostenlos.**

**Die Zusendung per Post erfolgt gegen eine Kostenerstattung der Druck- und Versandkosten. Hierbei berechnen wir:**

<b>Für Stücke bis 60 Minuten Spiellänge</b>	<b>1,50 EUR/Text</b>
<b>Für Stücke ab 60 Minuten Spiellänge</b>	<b>2,00 EUR/Text</b>
<b>Versandkostenpauschale</b>	<b>2,00 EUR/Sendung</b>
	<b>(6,00 Euro außerhalb Deutschlands)</b>

**Die Texte müssen von Ihnen nicht zurückgesandt werden.**